**Wou bleift de Fraestreik?**

Am Kontext vun den Diskussiounen, déi aktuell ronderëm de Fraesport geféiert ginn, betounen d'ADR Fraen, datt fir si zwou wichteg Konditioune mussen allzäit respektéiert sinn:

- déi physesch a psychesch Gesondheet vun de Fraen;
- d'Glafwierdegkeet an d'Fairness am Fraesport.

Dat bedeit, datt keng biologesch Männer um Fraesport kënnen deelhuelen an och z.B. net an de Kabinnen oder op anere Plaze kënne present sinn, wou d'Intimitéit vun de Frae muss geschützt sinn.

Dobäi muss et kloer Krittäre ginn, wat e Mann a wat eng Fra ass. Wien XY-Chromosomen oder en ze héijen Testosteronwäert huet, däerf net un de Fraekompetitiounen deelhuelen. Dobäi mussen déi hormonell Referenzwäerter sech un den typeschen Normwäerter vun de Fraen orientéieren an net kënschtlech an d'Luucht gesat ginn, fir d'Participatioun vu Männer am Fraesport ze erméiglechen. Am Abléck gëtt mat zum Deel absurden Argumentatioune probéiert ze justifiéieren, firwat een et muss gutt a richteg fannen, wann d'Sécherheet vun de Fraen a Gefor geréit oder de Fraesport zu lénks-woken ideologeschen Zwecker mëssbraucht an domat och a Fro gestallt gëtt.

D'ADR Frae stelle fest, datt all déi Organisatiounen, déi gewéinlech vu sech behaapten, sech fir Fraerechter anzesetzen – vum CNFL bis zum JIF – an dëser Diskussioun kee Wuert soen. Si prangere jo soss – zu Recht – Gewalt géint Fraen un, fannen awer keng Wierder, wann eng lénks Ideologie eebe grad Gewalt géint Frae rechtfäerdegt an och nach quasi institutionaliséiert.

De Problem ass deen, datt all déi Organisatioune keng kloer Definitioun vun der Fra méi wëllen hunn. Hir Ideologie, d'Gender-Ideologie, gëtt awer aktuell mat der Realitéit konfrontéiert an als fraefeindlech entlarvt. Och wa si et net wëllen héieren: Et gëtt wëssenschaftlech an objektiv Ënnerscheeder tëschent deenen zwee Geschlechter.

Fir d'ADR-Fraen ass kloer: D'Geschlecht ass eng biologesch Kategorie a keng sozial. D'Geschlecht huet och näischt domat ze dinn, wéi ee sech grad „fillt". D'Gender-Ideologie an de lénke Feminismus hu schlussendlech dozou geféiert, d'Definitioun vun der Fra ze relativéieren an domat hire Statut a Fro ze stellen a si neie Risiken auszesetzen. Dee richtege Grondgedanke vun der Emanzipatioun, inklusiv am Sport, gëtt duerch esou Ideologien ausgehielegt.

D'ADR Fraen setze sech decidéiert fir d'Rechter vun de Fraen an d'Integritéit vum Fraesport an. Wien XY-Chromosomen huet, muss am Männersport untrieden. Och wann een eng medezinesch Spezifizitéit huet, déi sportlech Nodeeler am Männersport mat sech bréngt, kann dat net en Ticket sinn, fir um Fraesport deelzehuelen. Sécherheet a Fairness am Fraesport sti fir d'ADR Fraen un éischter Plaz.

Matgedeelt vun den ADR Fraen
Lëtzebuerg, de 5. August 2024

25, rue Notre-Dame | L-2240 Luxembourg T: (+352) 46 37 42 www.adr.lu info@adr.lu